Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 17. Februar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturministesch weiderzeleeden.

Den Ëmgank mat hiren Nationaldichtere verréit vill iwwer eng Gesellschaft. Zu Lëtzebuerg hu mir eng ganz Rei vun Haiser, déi vun eise wichtegsten Auteure bewunnt goufen an déi zum Deel ënner Denkmalschutz stinn. Verschiddener sinn an engem exzellenten Zoustand, anerer missten dréngend restoréiert ginn. E puer vun hinne ginn als Musée genotzt, wéi d'Haus vum gréissten Dichter, deen hei am Land gelieft huet: de Victor Hugo. Et ginn och puer Haiser, déi mam Michel Rodange a Verbindung stinn, ënner anerem d'Haus zu Käerch, an deem den Auteur vum "Rénert" tëscht 1862 an 1866 gelieft huet. Eng Gedenkplaquette erënnert un dëse groussen Dichter. D'Haus selwer ass a kengem gudden Zoustand, wat net just bei Frënn vum Lëtzebuerger Patrimoine, mee och bei Frënn vun der Lëtzebuerger Literatur op Bedauere stéisst.

An deem Kontext hunn ech eng Rei Froen un d'Madamm Kulturministesch:

1. Steet d'Michel-Rodange-Haus zu Käerch ënner Denkmalschutz?
2. Ass de Kulturministär drun intresséiert, fir d'Gemeng Käerch bei enger eventueller Restoréierung vun deem Haus z'ënnerstëtzen?
3. Ginn et Iwwerleeunge vun der Regierung, dat Haus vun der Gemeng Käerch opzekafen?
4. Huet d'Madamm Kulturministesch Kenntnesser doriwwer, wéi vill al Haiser, déi vu Lëtzebuerger Dichtere bewunnt goufen, et hei am Land ginn?
5. Wéi vill vun dësen Haiser stinn ënner Denkmalschutz?
6. Wéi steet d'Madamm Kulturministesch zu der Iddi, fir am Kontext vun der Färderung vun der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur dem Michel-Rodange-Haus zu Käerch, oder och vergläichbaren Haiser, eng deementspriechend Fonctioun ze ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten